

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

„Falschinformationen a Verschwörungstheorien erkennen“ heescht en Artikel, deen de 6. Abrëll 2020 um Site vun RTL verëffentlecht gouf. An dësem Artikel gëtt een iwwert e Link weidergeleet op en „Propaganda-Guide“, dee mat engem Test, bestoend aus 10 Froen, kläre soll, ob et sech bei engem Facebook-Post, Tweet, Plakat, Snap, Film, Text, enger Ried oder och bei Musek ëm Informatioun oder Manipulatioun handelt. Dësen „Propaganda-Guide“ gouf ausgeschafft vum Zentrum fir politesch Bildung (ZpB), deen en Ofkommen (Rahmenabkommen) mat der Regierung, méi präzis mam Educatiounsministär, huet.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Här Educatiounsminister gär folgend Froe stellen:

1. Wor d'Regierung beim Ausschaffe vum Test oder bei der Opstellung vun de Froen a Beispiller bedeelegt oder involvéiert?
2. Ass d'Regierung averstane mat deem, wat am Test vermëttelt gëtt a wéi deen Test eng Äusserung (egal vu wat fir enger Form) bewäert a klasséiert? Ka si dat begrënnen?
3. Ass d'Regierung averstane mat allen 10 Froen an den dobäi ugefouerte Beispiller? Wann nee, wou net? Ass den Test an den Ae vun der Regierung an der Auswiel vu senger Krittik komplett an, an der Opzielung vu senger Beispiller, politesch ausgeglach?
4. Wëll d'Regierung dësen Test benotzen, z.B. an de Schoulen oder op anere Plazen, a wa jo, wéini, a wéi enger Form an ënnert wéi enge Konditiounen?

5. Gesäit d'Regierung e Risiko, datt esou en Test, duerch seng summaresch extrem vereinfacht Erugoensweis an der politescher Analys a seng staark reduzéierend Krittikäre bei engem esou komplexe Sujet, selwer kéint zu manipulativen Zwecker mësbrauch ginn?
6. Gesäit d'Regierung e Grond, fir den ZpB opzefuerderen, dësen Test zeréckzezéien oder ze iwwerschaffen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2065 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser

Den Zentrum fir politesch Bildung (ZpB) ass eng onofhängeg Stéftung a schafft inhaltlech onofhängeg vun der Regierung, vu politesche Parteien an aneren Institutiounen. Weeder um Ausschaffe vum Guide, nach um Opstellen oder dem Choix vun de Froen oder de Beispiller war d'Regierung bedeelegt, an et wier dofir och falsch sech inhaltlech zu den ausgewieltene Froen ze positionéieren.

Et sief op dëser Plaz och präziséiert, datt et sech hei net ëm een "Test" handelt, wéi an der Fro vum honorabelen Deputéierte suggéiert gëtt. Den Outil mam Numm "Propaganda.guide" ass geduecht, fir de Leit eng Indicatioun ze ginn, ob et sech bei enger Noriicht éischer ëm eng sachlech an niichter Informatioun handelt oder ëm politesch opgelueden an zougspëtzte Formuléierungen. Propaganda oder Aussoen, déi ee sollen zum Handelen opfuerderen oder an eng bestëmmten Denkrichtung wëllen drécken, hunn an der Reegel bestëmmte Mierkmoler. Déi Froen, déi am genannte Guide gestallt ginn, bezéien sech op dës Mierkmoler a sollen den Notzer vum Guide hëllef, sech dës Mierkmoler bewusst ze maachen. Dee vum ZpB ausgeschaffte Guide soll Aussoe weeder bewäerten nach klasséieren, mee déngt dozou, ze sensibiliséieren an de kritesche Bléck vun den Notzer ze schäerfen.